LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°8230 vum 10. August 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Spautz iwwer d'Pensioune vun de fréiere Prisonéier**

*- Gedenkt den Här Minister, den ex-Prisonéier eng Hëllef ze ginn, fir hinnen ze erméiglechen, eng éierbar Pensioun ze kréien?*

*- Wier et an deem Kontext denkbar, dass d'Aarbecht, déi ee Prisonéier wärend senger Zäit am Prisong mécht, fir seng Pensioun ugerechent kéint ginn?*

De Lëtzebuerger Pensiounssystem ass ee contributive System an deem di ugerechent Zäiten deene Méint entspriechen, an deenen een op senge Revenuen oder Ersatzrevenuen, wéi Krankegeld, Congé parental, Congé maternité, Chômage, etc. kotiséiert huet, oder Zäiten, déi dëse Situatioune kënnen assimiléiert ginn. De Cotisatiouns-Taux leit bei 24% vun dëser "Assiette" aus de Revenuen, woubäi de Cotisant, säin Employeur an de Staat jeeweils een Drëttel vun de Cotisatiounen iwwerhëlt.

Urechnungsperioden déi net duerch Cotisatioune gedeckt sinn, wieren also à Charge vum Pensiounsregimm selwer, wéi dat beispillsweis bei de Babyjoeren de Fall ass.

Déi Indemnitéiten, déi eng Persoun fir Aarbechte krit, déi am Prisong gemaach ginn, sinn net kotisabel a kënnen och net assimiléiert ginn.

Allerdéngs kann d'Persoun sech fräiwëlleg weider versécheren, bei enger Ënnerbriechung vun der professioneller Aktivitéit, oder fakultativ versécheren, am Prinzip, wann d'Aktivitéit scho länger zréck läit.

D'Froen, déi vum honorabelen Deputéierte gestallt ginn, ware schonn deel vun interministeriellen Echangen (Justiz a sozial Sécherheet), a méi spezifesch wat déi legal Situatioun vu Prisonéier betrëfft, déi wärend hirem Openthalt am Prisong schaffen. D'Conclusioun war, datt di aktuell Situatioun vum Prisonéier an di aktuell Indemnitéit net kéinte wéi een Aarbechtskontrakt respektiv ee Salaire oder professionelle Revenu ugesi ginn an deemno net änlech kotisabel sinn.

Fir dat eng Persoun, déi am Prisong eng Aarbecht leescht fir déi sinn eng Indemnitéit kritt, kéint op dësen Indemnitéite fir d'Pensiounsversécherung Kotisatioune bezuelen, misste scho grondleeënd Ännerunge gemaach ginn an och de legale „Statut" zum Beispill Punkto Aarbechtsrecht, fir nëmmen dësen ze nennen, definéiert ginn. Déi selwecht Fro géif sech awer dann och fir déi aner Piliere vun der sozialer Sécherheet stellen, woubäi do och Rechter fir den Assuré am Code vun der sozialer Sécherheet definéiert sinn, déi eng Persoun am Prisong a priori net kéint an Usproch huelen.

Betreffend d'Pensiounsversécherung, ass eng punktuell Ännerung am Code vun der sozialer Sécherheet net méiglech ouni grondleeënd Froen an aner Beräicher ze klären, fir dat e méigleche reegelrechte Statut vum Prisonéier an der sozialer Sécherheet kann definéiert ginn. Dofir ass aktuell eng fräiwëlleg Pensiounsversécherung de beschte Wee fir dem Prisonéier eng spéider Unerkennung vun engem Openthalt am Prisong an der Pensioun ze garantéieren.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Lëtzebuerg, den 11. September 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen